



**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n° 8285 vum 05/09/2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert Kontrollmedezin am ëffentlechen Déngscht**

An alle Fäll wou en Agent aus gesondheetleche Grënn feelt, ob dat mat oder ouni Certificat médical ass, kann de Verwaltungschef de Kontrolldokter saiséieren. De Kontrolldokter convoquéiert den Agent fir eng Untersuchung a kuckt ob et gesondheetlech Grënn ginn, fir dem Agent seng Absence. Wann de Kontrolldokter zur Conclusioun kënnt, dass dëst net de Fall ass, gëtt den Agent aarbechtsfäeg erkläert a muss dee Moment seng Aarbecht nees direkt ophuelen. De Kontrolldokter deelt dem Agent um Enn vun der Untersuchung mat ob hien aarbechtsfäeg ass oder net, an informéiert parallel de Verwaltungschef. D'Texter gesinn hei kee spezifeschen Delai vir. Weiderhi, gesinn d'Texter och kee spezifesche Recours vir, deen den Agent ënnerhuele kéint, wann de Kontrolldokter den Agent aarbechtsfäeg erkläert, an hie seng Aarbecht nees muss ophuelen.

Wann den Agent der Meenung ass, dass seng statutaresch Rechter net respektéiert goufen, da kann hie säin „droit de réclamation“ geltend maachen. Am Fall wou den Agent vun enger individueller administrativer Decisioun beträff ass, kann hien e Recours beim Verwaltungsgericht maachen.

D'Bestëmmungen, déi an der uewegenannter Situatioun gëlle si follgend:

- fir Beamten a Staatsemployéeën applizéiert sech de Beamtestatut an déi groussherzoglech Veruerdning vum 5. Mäerz 2004 iwwer d'Gesondheet an d'Sécherheet op der Aarbecht . Am Fall wou den Agent d'Aarbecht net erëm ophëlt oder refuséiert sech vum Kontrolldokter ënnersichen ze loossen, ass dat nom Beamtestatut een onerlaabt Feelen (*Article 12 de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État*). No der selwechter Dispositioun vum Beamtestatut verléiert den Agent deen onerlaabt feelt « de plein droit » seng Pai fir déi entspriechend Zäit;
- fir Staatsaarbechter applizéiert sech de Staatsaarbechterkollektivvertrag. De Salariaé verléiert fir déi Zäit, wou en onerlaabt gefeelt huet, entweder Congé oder een Deel vu senger Pai. De Staatsaarbechterkollektivvertrag gesäit weiderhi vir, dass d'Conclusioun vum Kontrolldokter de Verwaltungschef wéi och den Agent liéieren.

Et sief nach präziséiert, dass den Aarbechtdokter an der hei beschriwwener Prozedur net intervenéiert, sou dass hien och keen Dossier iwwert den Agent huet. Den Agent huet awer selbstverständlech zu all Moment Accès op säin Dossier personnel esou wéi all gängeg Rechter wéi se am Dateschutz virgesi sinn.

Lëtzebuerg, de 12. Dezember 2023

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes